



**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°8136 vum 10. Juli 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwer d'Aarbecht an d'Consummatioun vu Cannabis**

1. Ass eng Persoun, der hiren THC-Gehalt am Blut iwwer 1ng/ml läit, déi awer net op der Aarbecht konsuméiert huet, vun der Assurance Accident couvréiert?

Fir op dem honorabelen Deputéierten seng Fro kënnen ze äntwere muss een als éischt den Ënnerscheid maachen tëscht der Ofdeckung vun engem Trajetsaccident an der Ofdeckung vun engem Aarbechtsaccident.

1. Trajetsaccident

Laut dem Artikel 93 vum Code vun der sozialer Sécherheet « *est également considéré comme accident du travail celui survenu sur le trajet d'aller et de retour* ».

Zäitgläich schléisst de selwechten Artikel 93 d'Prise en Charge aus am Fall wou « *l'accident de trajet que l'assuré a causé ou auquel il a contribué par sa faute lourde [...]* ».

D'Jurisprudenz versteet ënner grousser Noléissegkeet dat « *suppose non seulement une culpabilité personnelle et réfléchie dans le chef de l'assuré, mais également une culpabilité d'un degré de gravité caractérisé, dépassant le cadre des fautes légères usuelles dues à l'inattention et auxquelles tout élément intentionnel fait défaut* ».

Wann de Blutwäert un THC méi wéi oder gläich wéi 1ng/ml ass, sinn d'Bestëmmunge vum Code de la route net agehalen. Dowéinst muss dëst am Kader vun der Onfallversécherung als grouss Noléissegkeet ugesi ginn. Des Weidere géif eng Prise en Charge an esou engem Fall e Widdersproch duerstellen, wann de Chauffeur am Kader vum Code de la route sanktionéiert gëtt, mä den Onfall vun der Onfallversécherung awer unerkannt a kompenséiert géif ginn.

2. Aarbechtsaccident

Den Artikel 92 vum Code vun der sozialer Sécherheet definéiert den Aarbechtsaccident folgendermoossen: « *celui qui est survenu à un assuré par le fait du travail ou à l'occasion de son travail* ».

Dësen Artikel accordéiert dem Affer de Benefice vun enger Viraussetzung vun der Imputabilitéit, engersäits wat d'Verbindung tëscht der Verletzung an dem Accident ugeet an anerersäits wat d'Verbindung tëscht der Verletzung an der Aarbecht ugeet. Wann d'Association d'assurance accident (AAA) awer der Meenung ass, datt den Tëschefall net als Aarbechtsaccident ze betruechten ass, ass et un der AAA selwer de Géigendeel ze beweisen.



Am Géigesaz zu den Trajetsaccidenter gëllt d'grouss Noléissegkeet net fir Aarbechtsaccidenter. Dofir huet d'Jurisprudenz d'Konzept vun engem exzessive Risiko vum Affer an der Leeschtung vu senger beruflecher Aktivitéit entwéckelt. Den exzessive Risiko kann definéiert ginn als « *Risiko, deen den normale Risiko vun der Entreprise wäit iwwerschratt* ».

Falls eraus kënnt, op Basis vum Avis vum Kontrolldokter vun der sozialer Sécherheet, datt de Versécherte ënner Afloss stoung an datt de Konsum vu Cannabis d'Ursaach vum Accident war, kann d'AAA d'Prise en Charge ofleenen.

Et ass eng Bewäertung vu Fall zu Fall, déi sech op all d'Elementer vum Dossier baséiert.

2. Ass eng Persoun, der hiren THC-Gehalt am Blut iwwert 1ng/ml läit, déi awer net op der Aarbecht konsuméiert huet, vu privaten Aarbechtsassurancë couvréiert?

De Ministère vun der sozialer Sécherheet ka keng Elementer op dës Fro liwweren. Dës depasséiert de Perimeter vun der sozialer Sécherheet an ass ofhängeg vun de jeeweilegen Dispositiounen a Kontrakter déi d'Relatiounen tëschen enger Assurancëgesellschaft an der Persoun reegelt, och wat d'Ofdeckung vun de Risiken ubelaangt.

Lëtzebuerg, den 24. August 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen